

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Virun e puer Deeg huet d'Madamm Ëmweltminister déi nei Richtlinne vun der Lëtzebuenger Klimapolitik virgestallt. Am Artikel "nouvelle stratégie" deen de 27. Juli zu deem Thema am Quotidien publizéiert gouf, war ënner anerem Follgendes ze liesen: "*Une attention particulière est par ailleurs accordée aux thèmes du genre et des droits de l'homme, de même qu'à la migration climatique*". Et kënn also zu engem Zesummespill vun extrem heterogene Politikfelder.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi an dësem Zesammenhang d'Nohaltegkeetspolitik, d'Klimapolitik an d'Ëmweltpolitik definéiert a vuneneen ofgegrenzt ginn?
- 2) Kann d'Regierung elaboréieren, zu wéi engem vun deenen dräi Beräicher si d'Genderpolitik an dësem Zesammenhang zielt? Kann d'Regierung ausserdeem präziséieren, wéi si hei tëschent Gläichberechtigung a Gläichheet differenzéiert?
- 3) De Phenomen vun der Klimamigratioun ass am Laf vun der Geschicht vun der Mënschheet ëmmer rëm virkomm, well d'Leit op bestëmmt, natierlech Klimaverännerunge reagéiert hunn, dat notamment während den Äiszäiten. Och d'Vereenegt Staate kenne bis haut eng staark meteorologesch/klimatologesch orientéiert Bannemigratioun, notamment Richtung Kalifornien. Wéi differenzéiert d'Regierung an hirer Klimastrategie tëschent der lo just elaborierter, klassescher Klimamigratioun an de Froe vum Klimaasyl?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten